N° 3787
Entrée le 23.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 3787 vum 18. Mäerz 2026 vun der honorabeler Députéierter Alexandra SCHOOS.

1. Wéi vill Persounen hu säit dem Akraafttriede vun der Recouvrementsoptioun déi Lëtzebuerger Nationalitéit krut, opgeschlësselt no Joer an – souwäit méiglech – no Hierkonftsland?

Zënter dem Akraafttriede vun der Recouvrementsprozedur (op Basis vum Art. 29 vum ale lëtzebuergeschen Nationalitéitegesetz vum 23. Oktober 2008 resp. vum Art. 89 vum ofgeännerte lëtzebuergeschen Nationalitéitegesetz vum 8. Mäerz 2017) sinn tëschent dem 1. Januar 2009 an dem 20. Mäerz 2026 insgesamt 41.569 Persounen iwwert dëse Wee Lëtzebuerger ginn.

Den Top 5 vun den Hierkonftslänner ass heidrënner opgelëscht, mat dem Total vun alleguer de Länner weltwäit:

| | Brasilien | Frankräich | Belsch | USA | Däitschland | Total vun all de Länner |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 2009 | 0 | 6 | 9 | 2 | 2 | 22 |
| 2010 | 0 | 36 | 22 | 7 | 6 | 80 |
| 2011 | 1 | 65 | 206 | 7 | 2 | 294 |
| 2012 | 3 | 213 | 1376 | 21 | 16 | 1649 |
| 2013 | 5 | 409 | 1428 | 25 | 33 | 1918 |
| 2014 | 5 | 579 | 1143 | 61 | 35 | 1846 |
| 2015 | 18 | 899 | 1089 | 83 | 59 | 2168 |
| 2016 | 84 | 1941 | 1604 | 216 | 69 | 3950 |
| 2017 | 249 | 1958 | 1334 | 382 | 87 | 4087 |
| 2018 | 881 | 1874 | 1142 | 598 | 57 | 4620 |
| 2019 | 2050 | 1428 | 809 | 639 | 65 | 5070 |
| 2020 | 1751 | 1432 | 654 | 395 | 97 | 4376 |
| 2021 | 90 | 739 | 417 | 77 | 29 | 1359 |
| 2022 | 3080 | 247 | 218 | 668 | 10 | 4271 |
| 2023 | 4054 | 113 | 88 | 616 | 14 | 4931 |
| 2024 | 120 | 22 | 11 | 31 | 1 | 193 |
| 2025 | 272 | 17 | 18 | 58 | 2 | 377 |
| 2026 (bis den 20. Mäerz) | 313 | 6 | 6 | 29 | 0 | 358 |
| Total | 12976 | 11984 | 11574 | 3915 | 584 | 41569 |

2. Wéi vill Unträg goufe bis zum Oflaf vun der Frist, dem 31. Dezember 2025, insgesamt gestallt, opgeschlësselt no Status (ofgeschloss, gëtt traitéiert, ofgeleent)?

Insgesamt goufe bis den 31. Dezember 2025 41.860 Recouvrementsdemanden op Basis vum Art. 29 vum ale lëtzebuergeschen Nationalitéitegesetz vum 23. Oktober 2008 resp. vum Art. 89 vum ofgeännerte lëtzebuergeschen Nationalitéitegesetz vum 8. Mäerz 2017 gestallt.

Vun dësen Demandë sinn der 41.569 ofgeschloss, 39 ofgeleent an 252 am Traitement.

Onofhängeg dovunner goufen och Demanden op e Certificat „1900" am Sënn vum Artikel 89 vum ofgeännerte lëtzebuergeschen Nationalitéitegesetz vum 8. Mäerz 2017 refuséiert. Dëst betrëfft déi éischt Etapp vun der Prozedur (Zertifizéierung als Descendant vun engem Lëtzebuerger um 1. Januar 1900), an net d'Recouvrementsdéclaratioun selwer:

- 163 Demanden, well d'Demande ze spéit agereecht gouf;
- 584 Demanden, well d'gesetzlech Konditiounen net erfëllt waren.

3. Ass d'Recouvrementsoptioun mat Oflaf vum 31. Dezember 2025 vollstänneg ausgelaf, oder besti weiderhi Rechtsweeër, op déi sech d'Untragsteller beruffe kënnen? Falls weider Rechtsweeër bestinn: Kann d'Madamm Minister preziséieren, wéi eng Optiounen den Untragsteller opstinn, an op wéi enger legaler Basis?

Fir Mëssverständnisser ze vermeiden, sief präziséiert, datt et de Recouvrement och an d'Zukunft nach wäert ginn, op Basis vum Artikel 39 vum ofgeännerten Nationalitéitegesetz vum 8. Mäerz 2017: "Le recouvrement de la nationalité luxembourgeoise est ouvert au majeur ayant perdu la qualité de Luxembourgeois."

D'Méiglechkeet awer fir eng Recouvrementsdéclaratioun op Basis vum Art. 89 vum ofgeännerten Nationalitéitegesetz vum 8. Mäerz 2017, also op Basis vu Virfare vu virun 1900, eranzereechen ass den 31. Dezember 2025 definitiv ausgelaf.

Et bestinn aktuell weider Rechtsweeër, op déi sech Demandeure beruffe kënnen, wa se e Lëtzebuerger Virfaren hunn oder Lëtzebuerger sinn par le seul effet de la loi.

Dorënner fale follgend Artikele vum ofgeännerten Nationalitéitegesetz vum 8. Mäerz 2017:

*"Art. 1er.*

*(1) Est Luxembourgeois le mineur né d'un parent qui possède la nationalité luxembourgeoise au moment de sa naissance ou de l'établissement de sa filiation.*
*(2) Dans le cas où le jugement ou l'arrêt déclaratif de filiation est rendu après la mort du parent, le mineur est Luxembourgeois lorsque le parent possède la nationalité luxembourgeoise au jour de son décès ou de la naissance du mineur.*

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

*Art. 2.*

*Obtient la nationalité luxembourgeoise :*
*1° le mineur dont le parent obtient la qualité de Luxembourgeois par le seul effet de la loi ou à la suite d'un acte de volonté ; ou*
*2° le mineur dont le parent obtient la qualité de Luxembourgeois en application du point 1°.*

*Section 2. Des Luxembourgeois en raison de l'adoption*

*Art. 3.*

*Obtient la nationalité luxembourgeoise :*
*1° le mineur ayant fait l'objet d'une adoption par un Luxembourgeois ;*
*2° le mineur dont l'adoptant obtient la qualité de Luxembourgeois par naturalisation, option ou recouvrement ;*
*3° le mineur qui a fait l'objet d'une adoption par un apatride ayant une résidence habituelle au Grand-Duché de Luxembourg et s'y trouvant en séjour régulier ;*
*4° le mineur ayant fait l'objet d'une adoption par des personnes de nationalité étrangère qui ont une résidence habituelle au Grand-Duché de Luxembourg et qui s'y trouvent en séjour régulier, à condition qu'il ait perdu sa nationalité par l'effet de l'adoption et que l'application d'aucune loi étrangère ne lui permette d'obtenir la nationalité de l'un ou l'autre de ses adoptants ou que l'attribution de ces mêmes nationalités ne soit possible qu'en cas de résidence dans les pays concernés ; ou*
*5° le mineur dont le parent obtient la qualité de Luxembourgeois en application des points 1° à 4°*

*Article 7 de la section 3. Des Luxembourgeois en raison de la naissance au Grand-Duché de Luxembourg*

*Art. 7.*

*La naissance au Grand-Duché de Luxembourg avant le 19 avril 1939 établit la nationalité luxembourgeoise. (2) Chaque année le 1er janvier, la date visée au paragraphe qui précède est incrémentée d'une année (à partir du 1er janvier 2026 il faut donc considérer le 19 avril 1948).*

*Chapitre 2. De l'attribution de la nationalité luxembourgeoise à la suite d'un acte de volonté*

*Art. 23.*

*L'option est ouverte au majeur : 1° lorsque son parent ou adoptant possède ou a possédé la nationalité luxembourgeoise et que cette nationalité ne lui a pas été attribuée ; ou 2° lorsque son grand-parent possède ou a possédé la nationalité luxembourgeoise et que cette nationalité n'a pas été attribuée à son parent."*

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue